Dépôt: GOERGEN Marc

8587 Alphabetiséierung op Franséich

Lëtzebuerg, den 04/12/2025

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- De Projet de loi 8587 ass e Projet deen op national ausgeluechten Iwwerleeungen opbaut, an net vun enger Gemeng initiéiert ginn ass.
- Et bestinn Ënnerscheeder wat déi staatlech finanziell Ënnerstëtzung vum Bau vun Europaschoulen a vum Bau vu klassesche Schoulen an eise Gemengen ugeet.
- De Projet de loi 8587 wäert fir d'Gemengen extraordinär Käschte mat sech bréngen, besonnesch am Kader vun der Upassung vun der existenter Struktur an de mënschleche Ressourcen.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. De Staat soll déi zousätzlech Käschten, déi fir d'Gemengen am Kader vun dem Projet de loi 8587 entstinn a kloer kënnen zougeuerdent ginn, integral iwwerhuelen.